N°3985
Entrée le 01.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3985 vum 24. Abrëll 2026 vun der honorabeler Deputéiert Octavie Modert**

**Wéi bewäert d'Regierung den Impakt vun der Fermeture vun de Filmland-Studios zu Kielen op d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vum Filmstanduert Lëtzebuerg?**

D'Filmland-Studios zu Kielen hunn iwwer vill Joren eng zentral Roll am lëtzebuergeschen audiovisuelle Secteur gespillt an zur Kompetitivitéit an Attraktivitéit vum Filmstanduert Lëtzebuerg fir international Produktioune bäigedroen. D'Ewechfale vun däser privater Initiativ markéiert d'Enn vun enger wichteger Infrastruktur, déi e wesentleche Bäitrag geleescht huet fir en unerkannte Know-how z'entwéckelen an de Filmstanduert Lëtzebuerg nohalteg ze stäerken.

**Gesäit d'Regierung d'Gefor, datt international Filmproduktiounen a Koproduktiounen an Zukunft manner heefeg op Lëtzebuerg kommen, wéinst dem Verloscht vun esou enger zentraler Infrastruktur?**

**Kann déi entstanen Infrastrukturlück kompenséiert ginn, a wa jo, wéi?**

D'Attraktivitéit vun eisem audiovisuelle Secteur baséiert net eleng op Studioinfrastrukturen, mee virun allem och op de Kompetenzen, der Expertis an dem Know-how vun den Acteuren am Secteur.

Dobäi ass och ze bemierken, datt schonn haut en Deel vun den Tournagen zu Lëtzebuerg ausserhalb vun de Filmland-Studios realiséiert gëtt.

D'Ewechfale vun der Infrastruktur zu Kielen wäert allerdéngs dozou féieren, datt national an international (Ko-)Produktiounen um Niveau vum Tournage méi flexibel Approchë musse berücksichtegen, notamment duerch d'Notzung vu bestoende Raimlechkeeten oder Hallen, amplaz vu speziell ageriichte Studio-Dekoren.

Et goufe schonn éischt Gespréicher mat der Associatioun vun de Produzenten (ULPA) gefouert fir d'Situatioun z'analyséieren an eng nohalteg an ëmsetzbar Approche ze fannen.

**Ginn alternativ Studio-Infrastrukturen ënnerstëtzt oder nei Investitiounen an deem Beräich encouragéiert?**

Fir d'Regierung bleift et eng Prioritéit, d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vum Filmstanduert Lëtzebuerg nohalteg ze fërderen. D'Zil ass et, am Dialog mat de concernéierten Acteure Léisungen auszeschaffen, déi am Aklang mam europäesche Kader stinn an dozou bäidroen, de Secteur weiderzeentwéckelen.

Mëttel- a laangfristeg gëtt och d'Wichtegkeet vun enger professioneller Studio-Infrastruktur unerkannt, och wann d'Ëmsetzung vun esou engem Projet Zäit an eng virsiichteg Virbereedung erfuerdert.

An deem Kontext wäert d'Regierung sech weiderhin enk mam Secteur concertéieren an dobäi och d'Erfarunge vun aneren europäesche Länner analyséieren, besonnesch wat d'Organisatioun an

d'Ënnerstëtzung vu Studioinfrastrukturen ugeet, fir ze evaluéieren, a wéi wäit verschidde Modeller oder Approchen als Inspiratioun dénge kéinten.

**Wéi eng Konsequenzen huet dës Fermeture fir d'Beschäftegung am audiovisuelle Secteur, a wéi wëllt d'Regierung déi betraffe Mataarbechter ënnerstëtzen?**

Wéi virdrun erkläert, ass et wichteg, d'Auswierkunge vun der Fermeture vun de Filmland-Studios am Kontext vum gesamte Secteur ze analyséieren. Och an der Vergaangenheet gouf ewell ee gudden Deel vun den Tournagedeeg ausserhalb vun de Studioen zu Kielen realiséiert.

**Hunn d'Filmstudioen an der Vergaangenheet Investitiounsbäihëllefen kritt, a wa jo, wéi vill?**

Déi privat Entreprisen, déi d'Filmstudioe bedriwwen hunn, hu keng staatlech Investitiounsbäihëllefe vum Filmfong oder Kulturministère kritt.

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill